

D'Preparatioune fir de 5. Abrëll lafen

Trëppelfrënn och am Ausland vill ënnerwee

Leideleng. Viru Kuerzem haten d'Trëppelfrënn hir Generalversammlung, déi gutt besicht war. No der Begréissung vum Präsident Henri Wantz ass et am Sall ganz roueg ginn, wei un déi verstuerwe Memberen a besonnesch un déi ganz aktiv Alice Ney a Paul Wester geduecht ginn ass, déi dem Club vill Déngschter geleescht hunn a feele wäerten.

Am Mëttelpunkt vum Réckbléck vun der Sekretärin Corinne Freis stoungen déi zwou Wanderungen zu Leideleng de 6. Januar a de 6. Oktober. 44 Persounen hunn de Club op der IVV-Olympiade zu Aix-en-Provence vertrauden an den Ausflug op de Chrëschtmaart op Illingen/Welschbach als Joresofschloss. Fir 2020 stinn déi nächst Wanderung de 5. Abrëll, d'Participatioun un der IVV-Europiad zu Sillian/Éisterräich am Hochpustertal, an déi verschidde Wanderunge bei de Veräiner am



Verschiede Membere si geéiert ginn.

ganze Land souwéi an der Groussregioun um Programm. De Keessier Marco Damme huet den

detailléierte Finanzbericht virgedroen, dee vun de Revisoren als richtig bestätegt gouf. Verschidde

Membere goufen duerno mat ngem Kaddo belount fir hir vill Kilometeren op de verschiddene

Wanderungen. All Joer ginn och Membere geéiert, déi am Laf vum Joer e ronne Gebuertsdag gefeiert hunn. Sou de Julien Hensel, de Camille Hilger, d'Josephine Rausch an d'Josette Rigoni fir hir 80 Joer, den Theo Meyer fir seng 90 Joer a ganz besonnesch de Jean Steimes fir seng 105 Joer. Den Här Steimes ass dem Club 1974 bäigetrueden, mee konnt aus gesondheetleche Grënn nit un der Versammlung deelhuele. Bei der fräier Aussprooch ass et ënner anerem iwwert d'Organisatioun vun der Wanderung vum 5. Abrëll gaangen, wou d'Buergermeeschtesch Diane Feipel confirméiert huet, dass d'Sportshal dem Club zur Verfügung steet, et awer virun der Hal e Chantier wäert ginn, wéinst dem Ëmbau vun der Schoul an der Spillplaz. Zum Ofschloss vum Owend gouf en Essen zerwéiert.

*Trëppelfrënn Leideleng
via mywort.lu*